

Primärsprooch?

Mir wëssen haut ganz kloer, datt e Kand am Leif vu senger Mamm déi alleréischte Elementer vun der Sprooch matkritt, déi dann herno „Mammesprooch“ genannt gëtt. Déi Elementer, dat sinn natierlech keng Wierder, keng Sätz, **mä et ass dat „Geräisch“, deen Tounfall, déi „Musik“, dee Rhythmus, déi fir jidder Sprooch verschidde sinn.** Fir d’Lëtzebuergesch ass et déi eegenarteg „Schaukelmelodie“, wéi de Fernand Hoffmann dat emol ganz richteg genannt huet: Denkt dach nëmmen drun, wéi déi eenzel Silben am Däitsche resp. am Franséische betount ginn; graff gesot ass dat an der enger Sprooch déi éischt, an der anerer déi lescht Silb. Am Italiéneschen hu mir eng Zort „Singsang“ ... woufir et iwregens och déi Sprooch ass, déi sech am Beschten un Opere-Musik upasst.

E Puppelche kritt dat mat, iert hien un „d’Liicht vun der Welt“ kënn. Seng Mami schwätzt jo och; **Schwätzen, dat sinn nun emol einfach Téin, an des Téin maache Vibratiounen, an zwar duerch de ganze Kierper vun der Fra, déi „erwaart“,** also och „duerch“ de Puppelchen! All déi Téin a Geräischer vun „dobaussen“, déi verschidde Stëmme rondrëm, hu beim sougenannte „Fötus“ en Afloss. Dat alles zesummegeholl gëtt fir d’Këndchen am Normalfall eng „phonesch“ Basis fir säi Gehéier a ... seng Sprooch! **Loosst mer d’Mimmercher sech un deem schéinen Ausdrock „Mammesprooch“ freeë kënnen,** nom Michel Lentz déi *Sprooch, mat deer ons Mammen äis an d’Liewen eragekësst hunn*, och wann et méi komplex ass, wéi dat gemenkerhand ... gemengt gëtt.

Vru bestëmmt méi wéi 20 Joer Joer huet äre Schreiwert sech ewell iwver den Ausdrock „Mammesprooch“ an senge klengen Aufsätz auserneegesat, och den Ënnerscheed tëscht der éischter Sprooch, déi mir „léieren“ an all anereren, déi herno dobäikommen ënnerstrach. Eis Mammesprooch ass nun emol – einfach „technesch“ gesot – eis alleréischte Manéier, Begrëffer mat Téin auszedrecken. **Deen éischte „Sproochkomplex“ setzt sech op enger bestëmmter Plaz am (kognitiven) Deel vum Gehier fest;** all aner Sproochen, déi duerno bäikomm sinn, am Sënn vum Ausdrock, eng „Eriwwersetzung“ op eng aner Plaz am „Täti“.

Dir kënn nach esou sprooch- a fiederféx an egal watfir enger „Friemsprooch“ ginn/sinn, d’Basis ass a bleift deen *Idiom* (een e bësse méi gekockelten Ausdrock fir Sprooch am Allgemengen), dee mir **zwar „Mammesprooch“ nennen, deen ower a Wierklechkeet eis ÉISCHT, also eis PRIMÄRSPROOCH, oder einfach PRIM-SPROOCH ass a bleift!** Och dobäi gëtt et immens perséinlech Ënnerscheeder, z. B. wéini, wéi laang an op watfir engem Niveau ee mat anere Sproochen a Kontakt komm ass; de Prinzip ännert net. Dat schéngt mir och den déiwe Sënn vun der Bemierkung ze sinn, déi ee vun eise prominente „Fransousen“, de Lambert Schlechter, emol gemaach huet: **Mir sinn net „francophone“; mir sinn héchstens „francographe“.** Intressant ass, datt een an allen anere Sproochen méi séier „midd“ gëtt, wann et sech ëm eng laang Babelerei dréint, oder net?

Wann dann elo an der Lescht e sougenannten „Dag vun der Mammesprooch“ um Programm war, dann huet dat fir äis Lëtzebuerg vill méi eng wichteg Bedeitung wéi fir d’Leit aus dem däitschen, dem franséischen oder englesche Sproochraum de Fall ass. Wie vun hinne kënn dann esou fréi mat „Friemsproochen“ (Sekundärsproochen?) a Kontakt wéi Lëtzebuerg Kanner? Dofir ass et jo bestëmmt net vu Mutterwëll, wann een sech hei an der KLACK mat der ganzer Problematik ofgëtt.

Google-Iwwersetzung


Mol ganz einfach esou gesot: Et kann ee sech mat ville Saache lächerlech maachen; eng dovun ass bestëmmt „Maschinen-Iwwersetzung“.

Huelt iech emol einfach e lëtzebuergesch Text op de Schiirm an tippt op eng Iwwersetzung an d’Franséisch; dir laacht iech Knuppen a Bloderen: Do gëtt da „*stellt iech dat emol vir*“ = posez-vous cela une fois devant / „*a wann s du net gees*“ = et si tu ne vas pas / „*laf mir de Bockel erof*“ = cours moi le dos bas / „*dir sidd mir der ower vläicht*“ = vous êtes moi mais peut-être des. Dat ass kee Witz vun ärem Schreifmännchen, dir kënn et selwer probéieren. Fir Google ass dat **eng vun deene sëlliche Geschäftsbasen, déi eng global „Heespréngerfirma“ nun emol brauch** fir „ëmmer an ëmmer nach“ ... wéi sot den Dicks: eran a mäi Sak, eran a mäi Sak! Apaart „gilligilli“ gëtt et, **wann „hien ass“ regelméisseg mat „il cul“ iwwersat gëtt** ... mä hei si mir dann um richtige Wee fir dat, wat nach kënn.

Mat deem Iwwersetzen ass dat nun emol esou eng Saach; eng Maschinn, och wann se op nach esou engem gescheiten „Algorhythmus“ gebaut ass, kritt et knapps eng Kéier eraus, en zerguttsterte Roman vun X>Y eriwwerzebrueden. **All Sprooch huet nun emol och eng 2. „Couche“,** wann net esouguer eng drëtt. An dann: Schonn de Sazbau vum Däitschen an d’Franséisch oder Englescht ass esou verschidden, datt et „maschinell“ e Problem wäert bleiwen; dobäi kommen dann déi x-Bedeitungen, déi Ausdréck an enger an deerselwechter Sprooch kënnen hunn; vu „Sproochgefill“ emol net ze schwätzen ... dat bleiwen „hëlze Kéi“!

Google kann zwar vill, mä hei steet dee „Veräin“ vrun enger Mauer, iwver déi net ze kommen ass ... vill méi komplizéiert wéi all automatesche Chauffeur!

vum Lex Roth



(Zeechnung: O. Jaminon)

De Streichelzoo

Natierlech ass et eng schéin a gutt Saach, wann ee mat de Kanner an de Park op Beetebuerg, op Amnéville oder soss enzwou an en Zoo ka goen, wou si d’Déieren emol anescht gesinn a kucke wéi op de Biller. Datt ee plazeweis dëser Déieren och dierf upaken, HEEMELN oder STRÉILEN ass esouguer nach méi sympathesch. **Mä eis Kanner STREICHELEN nun emol net!** Si „stréilen“ oder „heemelen“, wat typesch EISES war, ass, a bleift; dat muss dach net och nach muttwëlles vun der TV oder Reklamplakaten ermëlzt ginn. Et ass **un de Grousselteren an den Elteren, de Kanner dat ganz natierlech bäizebréngen** ... an net nëmme fir sech iwver „déi vum Radio an der Tëlee“ opzereegen. Oder net?

Vläicht wier et net iwvel, sech emol auszedenken, wat et alles esou un eiser Ausdréck rondrëm d’Déierewelt gëtt. **Wéi heeschen z. B. d’Mammen, d’Pappen, d’Kanner oder d’Monnien am Stall a rondrëm?** Wëssen eis Kanner nach, datt eis Kéi „gestrach“ an net iergendwéi „gemelkt/gemolke“ ginn; datt e Randbéischt (!) „Haren“ a keng „Hörner“ huet; wéi dat rout Déngen uewen um Kapp vum Hunn heescht; datt e Guss „Buschten“ a keng „Borsten“ huet. **Mä et ass un äis, Jonken, Eeleren an Alen, hinnen dat ze „vergonnen“!**

Bretzel... oder Bratzel?

Dat sinn zwou ganz verschidden, wann och genësseg Saachen. Wa mir z. B. an d’Däitscht oder d’Franséisch, vläicht och an d’Englescht kucke ginn, da fanne mir direkt eraus, datt **d’Bratzel e wierklech – am Sënn vum Wuert – stack-lëtzebuergesch Ausdrock** ass, also een, deen et soss a kenger Sprooch esou gëtt. Vum „*Schnittlauch*“ oder dem „*Bieslock*“ am Nidderlänneschen ass et meilewäit ewech. Dat franséisch „*ciboulette*“ hält sech ganz kloer u „*cebola*“, grad esou wéi den italiéneschen, spueneschen oder portugiseschen Ausdrock fir déi Planz, déi an déi grouss (botanesch) Famill vu Poretten, Ënnen a Schalotten era passt. Eng vun deene gesonde Planzen, déi zënter Joerhonnerten och hei bei äis dem Stoffi (wäisse Kéis) an der Omelett e ganz apaarten, liicht spatz-batterzege Goût ginn ... an eiser Sprooch dann nach dobäi en onverwiesselbart Wuert!

Domat huet ower elo dat kruppsegt Gebäck näischt ze dinn, dat an dëser Joereszäit esou eng sympathesch Roll spillt: d’Bretzel/Brätzel. Et soll de Brauch bestoen, datt dee Jong, deen engem Meedchen eng Bretzel giff schenken, och bei hatt fir d’Ouschtereer invitéiert wier ... eng Ëmfro uechter d’Land giff daitlech – bestëmmt zu 95% – weisen, **datt eng Bratzel an eng Bretzel nun emol net datselwecht sinn** ... bis op der Musel. Well mir ower net fanatesch wëlle sinn, soll déi schéin Traditioun vum BRATZELsonndeg dann ower net gestéiert ginn. Vläicht kënn d’Modi dem Jéngi jo fir d’Ouschteren och e Putsch Bratzele bei d’Gackelcher leeën. Da wiere mir mat „Bretzel a Bratzel“ eens ☺

Jeejeejee!

... iwregens e flotte lëtzebuergesch Ausdrock (eng sougenannt Interjektioun), fir engem dohinnerzegeheien, datt eppes Kabes ass, wa méiglech esouguer gekrauselten! Ower wéi dacks kënn een esou reagéieren, wann et heescht, d’Ouschtere giffen elo „**ustoen**“ (= geschwë kommen); d’Wëllschwäin hätte vill Schued am Bësch „**ugericht**“ (= gemaach); d’Zäit wier elo „**räif**“ (= zeideg), fir de Gaart ze gruewen; et wier en „**Ëmzuch**“ (= nach ëmmer Cortège) zu Käl gewiescht; et hätt eng Feier „**stattfonnt**“ (= si wier gewiescht) ... a wat et dees Vizmates-Gedéngels nach alles gëtt. Déi meescht mengen, deen houdäitschen „Touch“ giff méi besser-gutt maachen. Et ass ower just mat bëlleger völdäitscher Furf ugestrach ... a mécht muttwëlleserweis, wéi wann ee „muusseg“ Schong wëllt blénkeg wichen. ☺

de Klemmes?

Fir Saachen oder Ëmstänn, déi et bei äis nach ëmmer gi sinn, hunn d’Lëtzebuerg ni en Ausdrock brauche sichen ze goen. Si hunn zwar an engem Motzeck vun Europa an senger Geschicht gehaust, guffe joerhonnertelaang hin an hier getëltert ... mä si waren net méi topeg wéi anerer ... och haut nach net! En „digelegt(?)“ Beispill dofir sinn alt mol **d’Wierder, déi si fir de Prisong gebraucht hunn.** Do guff et den „*Duckes*“, de „*Klemmes*“, de „*Back*“ asw. esouguer méi spéit, vrun allem bei der Arméi, de „*Bing*“. Gitt emol an d’Däitscht, Franséisch oder Englescht glannen: Dir fannt der knapps méi, besserer oder méi folkloristescher!

Generalversammlung vun der A-L

Samschdes, den 28. Mee 2016, um 15 Auer
am Stadgronn – 2, rue Sosthène Weis (riets vum Breedewee)
Bus 23 (Gare!) – arrêt vis-à-vis Cercle Münster
Parking „Hellege Geesch“ (Lift fir an de Gronn)